Gemeng Noumer

Noumer, de 17. Abrëll 2023

# Informatioun un d'Awunner·innen

## Keng Gemengewalen den 11. Juni 2023 an der Gemeng Noumer

Well net méi Persounen hir Kandidatur fir d'Gemengewalen ofginn hunn wéi déi 9 Plazen, déi am Gemengerot ze besetze sinn, brauch den 11. Juni 2023 an der Gemeng Noumer net gewielt ze ginn. Tatsächlech hunn sech just 7 Leit gemellt, an déi gëlle laut Artikel 206 vum Walgesetz als gewielt. Et sinn dëst d'Dammen an d'Häre Guy Biren, Nicolas Decker, Sophie Diderrich, Jean Peltzer, Lucien Schabot, Ariane Toepfer a Marc Zenners.

Deemno wäerten och d'Bierger·inn·en, déi hir Ufro op Bréifwal bis elo scho gestallt hunn, keng Wal-Dokumenter op déi Ufro hi geschéckt kréien. Natierlech brauchen elo och keng Ufroe fir d'Bréifwal fir den 11. Juni 2023 méi gestallt ze ginn.

Fir déi 2 fräi Posten am Gemengerot ze besetzen, wäerten dem Walgesetz no Komplementarwalen ofgehale ginn. Dësen Datum wäert eis zu engem spéideren Zäitpunkt vun der Inneministesch matgedeelt ginn, a mir wäerten Iech dann iwwer d'Délaien an den Oflaf a Kenntnis setzen.

An Tëschenzäit wäerten déi 7 Leit, déi elo laut Walgesetz als gewielt gëllen, sech zesummesetzen, fir an hire Reien ze wielen, wien soll Buergermeeschtesch oder Buergermeeschter, respektiv Schäffin oder Schäffe ginn. Déi Propose gëtt un d'Inneministesch, respektiv un de Grand-Duc, geschéckt, déi dorops hin dann d'Ernennung op déi respektiv Poste virhuelen.

No der Vereedegung vun der neier Buergermeeschtesch respektiv dem neie Buergermeeschter, kënnen dann déi nei Membere vum Gemengerot vereedegt ginn. Bis zu deem Zäitpunkt behalen den aktuelle Buergermeeschter a Schäfferot, souwéi den aktuelle Gemengerot, hir Responsabilitéiten.

**De Schäfferot**

Administration Communale de Nommern - 31, rue Principale - L-7465 NOMMERN ☏: 83 73 18-200 Fax : 83 73 18 - 299
Dossier traité par Natascha Kridel – Secrétariat communal - ☏ 83 73 18 - 211 - Courriel: natascha.kridel@nommern.lu